



kloer géif gemaach ginn, dass Holz, wat illegal gehae gëtt a gewonne gëtt, bannent der Europäescher Unioun e Verkafsverbuet hätt. Dat ass leider net de Fall. Déi Konventioun, déi mer haut hunn, déi erméiglecht dat doten an där stringenter Form net, an dat ass och e wesentleche Punkt. Där Opfuerderung do ass d’Kommissioun bis haut net nokomm, a mir halen dat wierklech fir e gravéierenden Defizit. Et misst ganz kloer e Verkafsverbuet op illegal gehaenem Holz verhaange ginn. Soulaang mer dat net hunn, sinn natierlech d’Schlupflächer fir déi Leit do ganz grouss, an da kréie mer och dat doten net an de Grëff.

Eng lescht Remarque, fir ze ënnersträichen, firwat dass mer mengen, dass déi heite Konventioun awer nach ëmmer Verbesserungswierdeg ass, an zwar zolidd Verbesserungswierdeg ass, dat ass, well d’Konventioun primär net ausgerichtet ass op de Schutz vun deene Bëscher, dass déi Konventioun net primär ausgerichtet ass, och net am „wording“ an och net an hirem Contenu, mä si ass op den Holzhandel an op d’Förderung vum Holzhandel ausgerichtet.

Mir sinn och d’accord, dass mam Holz muss kënne gehandelt ginn. Och déi Leit, déi keng aner Ressourcen hunn, mussen kënne vun deene Ressourcë liewen, soulaang séchergestallt ass, dass d’Nohaltegkeet respektéiert ass; soulaang séchergestallt ass, dass déi Leit op der Plaz kënnen dovunner liewen, an net just iergendwelch grouss international Multie gutt kënnen dovunner liewen. Mä et muss awer och ganz kloergemaach ginn, dass an deem heite Beräich d’Zilsetzung vun der Konventioun an eisen Ae falsch ass, déi primär...

► **M. le Président.** - Här Braz, Dir misst awer elo wierklech esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*). - Dat ass mäi leschte Saz, Här President.

...dass also déi primär Zilsetzung misst sinn de Schutz vun deene Bëscher a vun de lokale Communautéiten, an net, wéi et hei am Moment nach ëmmer de Fall ass, d’Ënnerstützung vun engem planetären Holzhandel.

Dat gesot, wäerte mer awer zu deem Text eisen Accord bréngen, well mer mengen, dass et besser ass deen heiten ze hu wéi guer keen. Dat wier, wéi gesot, dat falscht Signal.

Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz, an als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Merci, Här President. Wéi och all déi aner Parteien hei an der Chamber ënnerstëtzt d’ADR de Schutz vun der Natur a besonnesch och de Schutz vun de Bëscher, souwuel heiheim wéi och am Ausland. Déi Konventioun, iwwert déi mir haut sollen ofstëmmen, fënnt duerfir och eise prinzipiellen Accord an eis Ënnerstützung, a mir soen dem Här Rapporteur Merci fir seng fläisseg an engagéiert Aarbecht. D’ADR kann dese Projet matstëmmen.

Trotzdeem, bei deser wéi bei aneren internationale Konventiounen, stelle sech awer eng Rei vu Froen. Well och, wann d’Intentioun vun deem Accord fir de Schutz an och den Handel - wéi den Här Braz richteg gesot huet - vum tropeschen Holz luewenswäert ass, da froe mir eis awer, ob et wierklech un eis Europäer a Lëtzebuerger ass, fir och fir d’Konsequenze vun administrativen Dysfonctionnementen oder Korruptioun a verschiddene Länner mussen mat opzekommen.

Mir müssen do vläicht definitiv eng aner Perceptioun vun deem entwéckelen, wat mer bis elo als Entwécklungslänner betruecht hunn, a wat de Realitéiten op deser Äerd einfach net méi entsprécht.

Mir warnen och virdrun, fir d’Noutwendegkeet vun deser Konventiounen ze vill exklusiv op d’Klimaschutzargumenter opzebauen. Dir wësst, wéi mir och, dass de Wäert vun de Bëscher, fir Kuelendioxid ze späicheren als sougenanntem CO<sub>2</sub>-Senker, an der Wëssenschaft ëmstridden ass. Rezent Artikelen an der „Science“ hunn dat och erëm eng kéier ënnerstrach.

Tatsaach ass och, dass mer d’Bëscher net nëmmen aus Klimagrënn wëllen erhalen, mä virun allem och weinst der Biodiversitéit, a wéi mer och alleguer wëssen, well et ganz schwéier ass, wann esou e Bësch bis verschwonnen ass, fir en erëm kënnen unzeplanzen an erëm an d’Entstoe kommen ze loossen. Als Konsumente vun Holz hu mir selbstverständlech och Verantwortung ze droen an och am Beräich vun de Marchés publics dat Néidegt ze maachen.

Här President, wou mer de schréfftleche Rapport an der Kommissioun gestëmmt haten, hat d’ADR nach eng Rei Froen, wéi den Här Angel och richteg rappeléiert huet. Mir soen him Merci, dass en eis elo déi Prezisiounen iwwer Stëmmrechter, Lëtzebuerger Verriedung a Lëtzebuerger finanziell Participatioun ginn huet. Et schéngt eis ganz wichteg, dass d’Regierung, wa mer elo un d’Ëmsetzung vun deem Accord ginn, och déi Lëtzebuerger Interessen ëmmer am A behält, och déi Lëtzebuerger finanziell Interessen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser, an als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen.

► **M. André Hoffmann** (*déi Lénk*). - Här President, ech ginn och mäin Accord fir des Konventioun. Ech schlësse mech awer och de Wieder vum Här Braz un, dass mer eigentlech méi contraignant Bestëmmunge bräichten, fir déi Ofholzung vun deenen Tropebëscher ze verhënneren, net nëmmen aus ökologesche Grënn, mä och aus soziale Grënn.

Muer, neen iwwermuer hu mer um Ordre du jour eng Direktiv, déi mer ëmsetzen, iwwer Maschinnen, wou mer quasi verbidden, dass Maschinnen hei importéiert ginn, déi e Sécherheetsproblem duerstellen. An ähnlech misst een am Fong geholl och dovun ausgoen, dass mer eng Direktiv um europäesche Plang kréichen, fir an deem Beräich hei méi zwéngend Moossname kënnen duerchzesetzen.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Ech mengen, dat do war alles ganz komplett, ganz besonnesch den Här Rapporteur war ganz komplett, duerfir kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen. D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’ëischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen an enger Enthaltung. Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6066 est adopté à l’unanimité des 59 votants.*

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden (par Mme Martine Mergen), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall’Agnol (par M. Ben Scheuer), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Henri Kox (par M. Claude Adam);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser; M. André Hoffmann.*

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Da kéime mer elo zum leschte Projet de loi fir haut, nämlech dem Projet de loi 6099 iwwert d’Schoulmedezin. Hei ass d’Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: d’Madame Andrich, den Här Berger, den Här Huss, den Här Colombero an den Här Hoffmann, an d’Wuert huet elo d’Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall’Agnol. Madame Dall’Agnol, Dir hutt d’Wuert.

## 10. 6099 - Projet de loi modifiant la loi du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire

**Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (*LSAP*), *rapportrice.* - Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d’ëischt emol Merci, dass Der e bëssen um Ordre du jour gefréckelt hutt, fir mer ze erlaabe mat Zäit hei ze sinn, an ech soen lech, ech war och nach ni esou frou lech alleguerten erëmzegasinn, wéi dat haut de Fall ass.

► **Une voix.** - Mir och. Mir si berouegt.

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (*LSAP*), *rapportrice.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 6099 änneren mer d’Gesetz vun der Schoulmedezin vum 2. Dezember 1987 ëm. E puer Wuert iwwert dëst wichtegt Gesetz, fir dass Der och wësst, iwwer wat mer haut de Mëtteg schwätzen an ofstëmmen.

**(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)**

D’Schoulmedezin ass am Beräich Preventivmedezin ouni Zweifel ee vun de Pilieren. D’Struktur vun deem Gesetz ass och ganz kloer. D’Schoulmedezin gëtt vu sougenannte médico-socio-scolaires Équipes, déi vum Gesondheetsminister agréiert sinn, duerghefouert. Am postprimaire Beräich ënnerläit d’Organisatioun der Division vun der Schoulmedezin, déi am Kader vun der Santésdirektioun fonctionéiert. Ënnert der Opsicht vum Médecin-chef an der Santé sinn d’Gemenge fir d’Schoulmedezin am Pré-scolaire, Primaire, Complémentaire an am Spezialunterrecht zoustänneg. Fir d’Ausféierung vun den Ënnersichunge kënnen Organismes non gouvernementaux vun öffentlech oder privatem Recht erugezu ginn.

Et ass och weider ervirzeesträichen, dass d’Schoulmedezin nëmmen ee preventive Charakter huet, an dass se keng therapeutesch Funktioun huet. D’Behandlung vun deene festgestalltene Krankheeten an Anomalie bleift also weider d’Saach vum Hausdokter respektiv vum Kannerdokter oder och vun engem betreffende Spezialist. Iwwerens sinn och am Schoulalter déi sougenannten „Vorsorgemaßnahmen“ besonnesch effikass an och eben am liichtesten duerghezeféieren.

D’Gesetz vun 1987 ass deemno e Kadergesetz fir d’Schoulmedezin an et harmoniséiert an engem eenheetlechen a kohärenten Text all gesetzlech Mesuren a Bestëmmungen, déi zënter 1912 op deem Gebitt a verschidde Gesetzer, Arrêtés ministériels a Reglementer agefouert gi sinn, an et entsprécht och de Recommandatiounen, esou wéi d’OMS se schonn zënter 1963 ausgeschafft huet. Souwäit also zum Gesetz, dat mer haut wëllen ëmänneren.

Zum Gesetz gehéiert awer och nach e Règlement grand-ducal vum 21. Dezember 1990, dee festleet, wéi oft soll ënnersicht ginn. An de leschte Jore sinn Diskussiounen um Terrain gefouert ginn, an et ass du festgehalen ginn, dass een d’Schoulmedezin un d’Besoinë vun deene jonke Leit, mä awer och un déi modern Konzepter vun der Medezin muss adaptéieren. Am Kloeertext soll méi Wäert drop geluecht ginn, déi Kanner cibléiert ze ënnersichen, déi Risikokandidate sinn.

An dann natierlech soll och nach méi Wäert wéi bis elo op d’Preventivmedezin gesat ginn, dat heescht eben deene Jonken hëllefen oder deene Jonken hëllefen, dass se a gudder Gesondheet bleiwen duerch eng gesond Ernährung, Sport, an doduerch, dass se Risikofacteurs wéi Fëmmen oder den iwwerméissege Konsum vun Alkohol meiden. Fir dëst a Musek ëmzesetzen, huet de Santéminister Mars Di Bartolomeo e Projet de règlement grand-ducal ausgeschafft, deen de Contenu an d’Frequenz vun de Mesuren an Ënnersichungen determinéiert, respektiv och de Fonctionnement vun der Équipe médico-socio-scolaire. Dëse Règlement grand-ducal soll dee virdrun zitéierte vun 1990 ersetzen.

A sengem Avis zu deem Règlement grand-ducal huet de Statsrot de 17. Februar d’lescht Joer awer a senger Schlussreмарquen drop opmierksam gemaach, dass d’Gesetz vu ’87 der Regierung net déi néideg Base légale gëtt, fir den Inhalt, d’Form an och den Accès vum Carnet de santé ze determinéieren, well d’Verfassung seet, dass alles, wat d’Matière de la santé ubelaangt, muss duerg d’Gesetz geregelt ginn. Fir des Base légale ze schafen, stëmme mer also haut de Projet de loi 6099.

Op där enger Säit nämlech där d’Gesetz vun 1987 d’Regierung Mesures réglementaires huelen. Aner Mesuren awer, déi ech genannt hunn, déi dépasséieren de Kader vun deem, wat dat Gesetz erlaabt. Eng aner Ëmännerung am Text ass d’Wuert vum Enseignement fondamental, dee jo duerg d’Gesetz vum 6. Februar 2009 Realitéit gouf an duerfir och esou elo soll am SchoulmedezinGesetz genannt ginn.

Am Avis vum Conseil d’État, wou ech virdru genannt hunn, stoung dann och eng Textpropositioun dran, a si hu sech och domat d’accord erkläert, dass hiren Avis zum Règlement grand-ducal och géif fir d’Gesetz gëllen, natierlech wann hiren Text géif tel quel iwwerholl ginn. Dat war awer net de Fall, well de Statsrot, deen huet pénal Sanktiounen virgesi gehat, wat de Carnet de santé ubelaangt. De Regierungstext huet des Sanktiounen awer ewechgelooss an hält domat eben net den integralen Text vum Conseil d’État un. An duerfir hu mer da missen en neien Avis froen, dee mer am Mäerz, den 23., fir genau ze sinn, dëst Joer och vum Statsrot kritt hunn.

Wéi Dir aus mengen Ausféierung bis elo konnt héieren, ass den Text vum Projet de loi eigentlech nëmmen eng minimal Ëmännerung. D’Santéskommissioun huet awer bei hiren Aarbechte sech net op de Projet de loi beschränke wëllen an huet och iwwert de Projet de règlement grand-ducal, dee jo à la base vum Gesetzestext ass, diskutéiert souwéi och iwwert déi verschidden Avisen zu deem Projet. Iwwert d’Schoulmedezin diskutéiert hu mer iwwerens och hei am Haus schonn am November 2008, am Kader vun enger Interpellatioun, deemools ugefrot vum honorabelen Här Krieps.

E puer Wuert dann deemno och zum Règlement grand-ducal, wa mer schonn an der Kommissioun driwwer diskutéiert hunn. Eng Kritik, déi ëmmer erëmkënn, ass déi, dass bei der Schoulmedezin ëmmer an ëmmer erëm déiselwecht Reienënnersichunge gemaach ginn, bei deene meeschte Kanner dann awer guer kee Problem festgestallt gëtt, well se a gudder Gesondheet sinn. Dat kascht Zäit, Zäit, déi ebe besser kéint genotzt ginn, fir déi Kanner ze cibléieren, déi wierklech Hëllef brauchen. Et soll also d’Qualitéit vun den Ënnersichunge gesteigert ginn, d’Donnéeën no engem Standardmodell gesammelt ginn, an och d’Resultater besser wéi bis elo nach evaluéiert ginn.

En anere But vun der Reform ass d’Vernetzung an d’Zesummenaarbecht vun deene Leit a Servicer, déi mam Kand ze dinn hunn, dat heescht zum Beispill Servicer wéi de SPOS, an natierlech net ze vergiessen och d’Léierpersonal. Deen neie Règlement grand-ducal schafft och déi artifi-





ciell Distinction of tëschent physescher a psychescher Gesondheet. Déi Professionell sollen och vill méi regelméisseg um Terrain sinn an et soll och e Suivi vun den détectéierte Problemer assuréiert ginn. Et soll och garantéiert ginn, datt am ganze Land d'Ënnersichungen harmoniséiert ginn duerch eng prezis Definitioun am Text an dem Santésbilan, déi ze maache sinn, festgeluecht jee nom Alter vum Kand.

D'Santéskommissioun huet bei sengen Diskussiounen dës Reformen zougestëmmt, well d'Memberen der Meinung sinn, datt ee méi cibléierte Suivi vun de Kanner de Besoinen entsprécht. D'Santéskommissioun huet awer och driwwer diskutéiert, datt d'Dokteren dacks net genuch Zäit hunn, fir sech mat all Kand laang genuch ze beschäftegen, respektiv datt d'Locaux, wou d'Ënnersichunge stattfannen, och alleguer missten adequat sinn, fir engersäits ze ënnersichen, mä awer och eng gewësse Privatsphär vun de Kanner kënnen ze garantéieren.

Da gouf och nach eemol de Problem vun der Nomenclature tarifaire ugesprach. Dat heescht, datt d'Dokteren eben am Moment nach net dofir bezuelt kënnen ginn, fir zum Beispill Koordinationsaarbechte mat anere Professioneller, déi d'Kand entouréieren, ze maachen. D'Meenunge gongen och ausereen, wat de Fulltime-Schouldokter ubelaangt.

D'Santéskommissioun huet och verstanen, datt de Minister eng komplett Reorganisatioun vun der Schoulmedezin viséiert, déi et a verschiddene Phasen dann ze realiséiere gëllt. Dës wäert och sécherlech dozou féieren, datt d'Gesetz vun 1987 ganz op de Leescht wäert geholl musse ginn. Wat den Deel ubelaangt, wou d'Gemenge involvéiert sinn, misst dofir den Dossier virdru mam Gemengesyndikat Syvicol diskutéiert ginn.

Voilà, Här Minister, Här President, léif Kollegen a Kolleginnen, ech hunn elo probéiert, engersäits d'Gesetz, dat en vigueur ass, de Projet de loi, dee mer solle stëmmen, de Règlement grand-ducal, deen en vigueur ass, souwéi deen neien Text kuerz ze erläuteren, souwéi och d'Avisen dozou an d'Aarbechten an der Kommissioun.

D'Aarbechten an der Kommissioun hunn iwwerens de 4. Februar dës Joer domat ugefaangen, datt ech als Rapportrice gestëmmt gi sinn, an och an eiser Réunioun vum leschten 11. Februar hu mer nach eemol iwwert den Text diskutéiert. Den Avis vum Statsrot koum den 23. Mäerz, an de schréfftleche Rapport, op deen ech verweise fir all aneren Detail, deen lech kéint interesséieren, deen hu mer dunn de 25. Mäerz dës Joer ugeholl. Voilà, ech fir mäin Deel soen lech domadder Merci fir d'No-lauschteren an ech ginn dann och direkt den Accord vun de Sozialiste fir dës Projet.

Nach eng Kéier Merci, datt der den Ordre du jour ëmgeännert hutt.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Ech soen der Madame Dall'Agnol Merci an ech géif dann dem éischte Riedner, der Madame Andrich, d'Wuert ginn.

## Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem virleiende Gesetzesprojet geet et, wéi mer elo grad héieren hunn, ëm eng formal Upassung vum Basisgesetz, dat d'Schoulmedezin regléiert. De Fong vun der heiteger Reform vun der Schoulmedezin fanne mer awer an deem derzougehéierende Projet de règlement grand-ducal, deen dat viregt Ausféierungsreglement vum 21. Dezember 1990 soll ersetzen. An dee gouf jo och an der Kommissioun diskutéiert. Ech wëll awer nach vun dëser Plaz aus der honorabeler Madame Deputéiert Dall'Agnol en ausdréckleche Merci soe fir hire schréfftlechen an och hire mündleche Rapport.

Sou wäerte mer elo gläich iwwer eng legal Basis verfueg fir all déi Dispositiounen, déi am Projet vun dem zitéierten Ausféierungsreglement virgesi sinn. Zousätzlech

droe mer der Notioun vun deem neien Enseignement fondamental Rechnung. Vu Virdeel wier et awer, wa mer géifen iwwer nëmmen een eenzegen Text verfuegen, deen déi reglementär Bestëmmunge regroupéiert, also och déi iwwert d'Missioune vun den Équipes médico-socio-scolaires, iwwert de Modell vum jährleche Rapport vum Schouldokter um den zousätznege Chef de division vun der Santé an iwwert d'Lokaler vun der Schoulmedezin. Eng Diskussioun, déi an der Chamberskommissioun gefouert gouf, an där sollt wa méiglech Rechnung gedroe ginn.

Am Virfeld vun der ugestriefter Reform gouf schonn eng Kéier am Kader vun enger Interpellatioun am Joer 2008 hei an der Chamber iwwert d'Moossname geschwat, déi op deem Gebitt sollte geholl ginn. Bei dëser Geleeënheet huet déi honorabel Madame Martine Mergen am Numm vun der CSV eng ganz Rei Suggestiounen an och verschidde Froen opgeworf.

Och huet den Här Minister drop gehalen, d'Experté vum Terrain ze konsultéieren. Zënter 2004 huet sech ee vum Ministère agesaten Aarbechtsgrupp iwwert d'Inhalter an d'Ausrichtung vum enger moderner Schoulmedezin hei am Land Gedanke gemaach. Mä et ass net de Moment zu enger gréisserer Reform komm vum Gesetz vu '87, mä nëmmen zu engem neien Entworf vum Règlement grand-ducal. Et gouf sech och international dokumentéiert a sech eng Meinung gebilt par rapport zu de Schoulmedezinssystemer, esou wéi se am Ausland organiséiert sinn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, zu Recht gëtt d'Schoulmedezin als eng wichteg Saach ugesinn an enger Welt, wou eis Kanner a Jugendleech ëmmer méi Gesondheitsrisiken, heiansdo souguer ganz graver, wéi zum Beispill am Beräich vun den Drogen, an och besonnesch deenen aus dem medezinesch-psychosoziale Beräich ausgesetzt sinn. D'Gesondheet ass eng Notioun, déi iwwert dat Medezinescht erausgeet, a sech laut Definitioun vun der Weltgesundheitsorganisatioun als e komplett physescht, mentaalt a sozialt Wuelbefanne versteet.

An enger méi globaler Suerg, fir d'Gesondheet ze förderen, ze erhalen a Krankheete virzebeugen, ass déi gutt Organisatioun vun der Kontroll an dem regelméisseg Suivi vun der Gesondheet vun de Kanner a Jugendlechen also e Must. Si muss un d'Konzepter vun der moderner öffentlecher Gesondheet gradesou wéi engem permanent wiesselenden Ëmfeld ugepasst ginn, an hir Qualitéit muss verbessert ginn, fir et ze erlaben, Problemer esou fréi wéi méiglech ze erkennen.

Bis elo hënt d'Qualitéit vun de Resultater effektiv vun de concernéierte Professionellen of. An hei huet, ënner aneren, sécherlech d'Ligue de prévention et d'action médico-sociales e grouse Verdéngscht. Och huet déi eng oder aner Gemeng sech iwwert déi lescht Joren e relativ kompetenten a souguer multidisziplinäre System opgebaut, mä zu engem groussen Deel op hir eege Käschten.

De Virdeel vun eiser Schoulmedezin par rapport zu där vu verschidden anere Länner ass, dass obligatoresch preventiv Reienënnersichunge vun der gesamter Schoulpopulatioun duerchgefouert ginn, sou dass op dës Manéier 98% vun de Kanner a Jugendlechen erfaast ginn. Dat betrëfft ëmmerhin schätzungsweis 82.000 Kanner a Jugendlecher hei am Land. Et ass ze ënnersträichen, dass all dës Ënnersichunge gratis sinn. An anere Länner sinn d'Ënnersichungen an der Basismedezin integréiert a berouen op enger fräiwëlleger Bedeelegung, déi doduerch vill méi nidreg gëtt. Eise System erméiglecht et, all Kanner a Jugendleech d'selwecht ze erfassen, egal wéi hir Originen an hire soziale Status sinn.

Déi virleend Reform vun der Schoulmedezin erlaabt et, op d'Gesondheet vun de Schüler an hirer Gesamtheit anzugehen, a virun allem am Schoulmilieu. Si soll et erméiglechen, d'Gesondheitsproblemer esou fréi wéi méiglech ze détectéieren. Besonnesch am Beräich vun der Santé mentale ass nach eng Verbesserung vun der fréizäiteger Détection néideg. D'Aktivitéiten an der Schoulmedezin sollen harmoniséiert ginn, an d'Collecte vu statisteschen

Donnéeën soll standardiséiert ginn, wat ganz wichteg ass.

Et gëtt och vill méi Wäert op eng multidisziplinär Zesummenaarbecht geluecht. Ze begrëssen ass, dass eng Konzertatioun tëschent der schoulmedezinescher Équipe an dem Schoulpersonal souwéi zum Beispill dem SPOS, dem Service de psychologie et d'orientation scolaire, muss stattfannen. Et kann net sinn, dass aus engem falsch verstanene Berufsgheimnis eraus den Austausch vu wichtegen - wann och sensibelen - Informatiounen tëschent Professioneller ofgewiert gëtt, wéi dat alt schonn an der Vergaangenheet de Fall war. Déi intersektoriell Zesummenaarbecht, wéi zum Beispill mat de Maisons relais, muss och onbedéngt verbessert ginn.

Preventivmoossname solle gefördert ginn, fir dass déi Jonk bei gudder Gesondheet bleiwen, zum Beispill duerch genuch Bewegung. D'Förderung vun der Gesondheet, d'Gesondheetserzéiung gradesou wéi d'Preventioun sollen elo bis zu 20% vun den Aktivitéiten vun der Schoulmedezin ausmaachen. Hei soll op nei oder bestehend Programmer an national Aktionspläng opgebaut ginn, wéi zum Beispill „Gesond iessen, méi bewegen“. D'ganz Schoulcommunautéit soll mat agebonnen a responsabiliséiert ginn.

Eng regelméisseg Permanence vum Personal - wéi d'Infirmière - an de respektive Schoulgebaier oder Lokaler vun der Schoulmedezin an de gréissere Stied ass och virgesinn. Mä d'Präsenz ass nach laang net iwwerall assuréiert. Do mussen extra Effort gemaach ginn, an et muss dofir gesuergt ginn, dass déi néideg Lokaler zur Verfügung stinn, wat de Moment och net iwwerall de Fall ass.

Doriwwer eraus sollen déi Professionell sech u Santésprojeten an der Schoul bedeelegen, respektiv se initiéieren, fir hirer neier Missioun gerecht ze ginn. Dës Punkte stellen e wesentlechen Aspekt vun der Qualitätsverbesserung duer. Dofir kënn awer d'Fro op, wéi si dat alles solle ronn kréie mat deene Leit, déi se de Moment zur Verfügung hunn. Wéi kënnen mer hei déi néideg Personalressourcë schafen?

D'Gesondheitsiwwerwaachung an de Screening ginn zu bestëmmte Schlësselaltere vun der Entwécklung a vum Schoulparcours vun de Kanner a Jugendlechen op eng kohärent Aart a Weis ugaangen. Sou ginn d'Zuele vun de banale systematesche kierperlechen Ënnersichunge vun alle Schüler erof, well dës Zort vun Ënnersichunge gouf vun de Professionellen zimlech kritiséiert. Et sollen elo Gesondheitsbilane gemaach ginn, déi besser un déi jeeweileg Altersgruppen ugepasst sinn an déi och der psychosozialer Dimensioun Rechnung droen. Et ass néideg, dass de Schouldokter sech genuch Zäit heifir hält, méi wéi dat bis elo de Fall war. De Collège médical bedauert awer, dass déi manner heefeg Kontroll vun den Zänn riskéiert, d'Zännproblemer net méi fréi genuch ze erfassen.

Ech wëll och besonnesch d'Wichtegkeet vum psychomotoresche Bilan bei de Fënn- bis Sechsjähregen ervirhiewen. Dee soll minimum 20 Minuten daueren. Bei dëser Geleeënheet kënnen Entwécklungsréckstänn beim Kand an och e Mangel u Schoulräifheet détectéiert ginn, déi Konsequenze kënnen hunn op d'Schoulleeschtunge vum Kand a seng Integratioun an der Schoul a soumat op säi ganze Schoulparcours. D'Fro stellt sech, ob fir dës Bilan net souguer sollt e Psychomotoriker mat bäigezu ginn.

Besonnesch sinn awer déi sougenannte Risikokanner viséiert. Si musse genee am A behale ginn an hir Problemer musse gewëssenhaft suivéiert ginn an engem bestëmmte minimalen Délai. An deene Fäll kënnen och en individuelle Gesondheitsbilan - deen awer am beschte viraus definéiert wier - an e soziale Bilan erstallt ginn. Heifir wäeren och kloer Kritäre wëssenswäert. Wann néideg, musse si weider orientéiert ginn un déi spezialiséiert Services vun der Éducation nationale, an och net ze vergiessen un den Office national de l'enfance, deen am Kader vum Gesetz vun der Aide à l'enfance et à la famille geschaf gouf.

Ze ënnersträichen ass, dass bei dëse Kanner besonnesch muss derfir gesuergt ginn,

dass si net, wéi ee seet, ofgestempelt ginn, an dee Suivi soll esou diskret wéi méiglech par rapport zu deenen anere Kanner oflafen. Dat war och eng Suerg vum Statsrot. Et wier och gutt, wann dee soziale Volet vum Dossier eng eege Plaz an dësem Dossier hätt.

Virun allem ass déi geplangten Abannung vun den Elteren noutwendeg, spezifesch wat de Suivi vu Gesondheitsproblemer ubelaangt. Scho bei der Erstellung vun der Anamnese vum Kand missten d'Eltere mat abezu ginn, well d'Kand ass net capabel, fir dës Donnéeën eleng ze liwweren.

D'Fro stellt sech, ob déi nei Prozedure prezis genuch si fir déi Elteren a Kanner, déi et grad am néidegsten hunn an déi och oft eng gewësse Retissenz hunn, fir sech motivéieren ze loosse. Derbäi kënn nach, dass hautdësdays vill Elteren zu zwee schaffe ginn oder bedéngt duerch Scheedung eleng dostinn a sech dofir och net ëmmer déi néideg Zäit huelen, déi se missten.

Wat fir en Drockmëttel hu mer eigentlech an deene Fäll? Well dat Ganzt ass jo och net un e finanziellen Ureiz gebonnen, wéi dat bei de péri- a postnatalen Ënnersichungen de Fall ass.

Nach eng Suggestioun, fir den Dialog an d'Opklärung vun den Elteren ze förderen, wier, fir hinne jee no Alter vun hirem Kand eng illustriert an einfach Dokumentatioun mat verschiddenen Informatiounen zur Verfügung ze stellen. Hei kéinten Informatiounen iwwert de jeeeweilegen normalen Entwécklungszoustand vun engem Kand an engem bestëmmten Alter dra sinn, gradesou wéi Opklärung iwwer Rechter a Flichte vun Elteren a Kanner kombinéiert mat verschiddene gesetzleche Bestëmmungen. Dat ka vun der Opklärung iwwer Impfungen, d'Zännhygien, d'psychomotoresch Entwécklung, d'Sproochentwécklung bis d'Reglementatioun iwwert den Alkohol an d'Femme goen.

E weidere wichtegen Aspekt stellen déi initial Ausbildung an d'Formation continue vun den Acteurs vun der Schoulmedezin duer, well si sinn essenziell zur Qualitéit vun der Schoulmedezin, fir dozou bäize droen. Hei kann ënner anerem d'Uni Lëtzebuerg an deem Deel vu Formation, wou si beträff sinn, och op d'Schoulmedezin bei de Generalisten a beim Schoulpersonal sensibiliséieren.

Wéi d'Formation continue geregelt ass, ass awer net kloer. De Schouldokter huet innerhalb vun der schoulmedezinescher Équipe eng extra wichteg Roll an ass an eisen Ae besonnesch gefuerdert, ier en esou eng Fonctioun unhëlt, obschonn dat de Moment jo net un den Agrément gebonnen ass, mä sech dann op de leschte Wëssensstand ze setzen a sech weider op deem neiste Wëssensstand ze halen.

Dokteren, déi nëmmen an der Schoulmedezin tätég sinn, kéinte sech an dëser exklusiver Roll agéengt spieren. Eng Vernetzung mat der Basismedezin wier dofir wëssenswäert, gradesou wéi et interessant kéint sinn, fir d'Kannerdoktere mat an d'Ausféierung vun der Formatioun anzebeziehen.

Et bleiwen awer nach aner Planzen an deem Gaart vun der Schoulmedezin ze setzen. Notamment stinn d'Verhandlungen mat den Dokteren, wat d'Tarificatioun ubelaangt, nach aus. Eng Tarificatioun op Stonnebasis wier vu Virdeel, besonnesch wéinst der Gesondheitsförderungsaktivitéiten an der Koordinatiounsarbecht. Mä leider ass net alles an der medezinescher Nomenklatur virgesinn.

Wat den nationale Konzept vu Gesondheitsförderung am schoulesche Beräich ubelaangt, wier et ze begrëssen, wann och iwwergeuerdnet Gesondheitsobjektiver fir d'Kanner géifen erstallt ginn, no deenen de gewünschte Gesondheitszoustand vun engem Kand aus eiser heiteger Gesellschaft kéint definéiert ginn; Standards, déi no deene verschiddenen Altersgruppe geriicht sinn an no deene sech d'Programmer respektiv d'Projeten an de Schoule richten. Dat géif et erlaben, all Aktiounen, déi an deem Beräich ugaange ginn, méi geziilt unzuegoen.

Wat de Volet vun der Evaluatioun betrëfft, esou ass deen neie Comité de santé scolaire e wichtegt Gremium, dat mindestens all fënnf Joer eng Revisioun sollt virhue-





len. Et hänkt natierlech viles of vun der Kompositioun vun dësem Gremium, fir seng Effikassitéit och ze garantéieren.

Hei wier et da méiglech, Objektiver ze fixéieren an déi national altersspezifesch Standarden och lafend unzepassen. Et wier och flott gewiescht, wa mer dem Zil vun engem méi informatiséierte Gesondheitscarnet vu klengem Alter bis zur Jugendzäit scho méi no kommen hätte kënnen. Wann all d'Donnéeë vum Kand vu Gebuert un an engem zentrale Fichier collectéiert wieren, wier de globalen Iwwerbléck vun der Problematik wun concernéierte Kand vereinfacht. Natierlech stellt dat eng Rei delikat Froen um Niveau vum Dateschutz.

Laut dem Här Gesondheitsminister stellt déi virleidend Reform nëmmen eng Phas, fir déi den Accord vun den Acteure praktesch all virläit, duer. An eng Gesamtreform gëtt nach weiderhin envisagéiert. Et ass also e Gaart, an deem nach vill muss geplanz't a gekappt ginn. An et ass ze hoffen, dass dës Reformprozess elo mat Élan virugefouert gëtt an entre-temps déi nei Moossnamen effikass an d'Praxis ëmg'esat ginn.

An heimat ginn ech, Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord vun der CSV-Fraktioun, fir de Projet ze stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Ech soen der Madame Andrich Merci. An ech géif dann dem nächste Riedner, dem Här Berger, d'Wuert ginn.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt och hei zum Ausdrock bréngen, dass mer frou sinn, dass d'Rapportrice nach sécher de Wee zréck an d'Chamber haut de Mëtteg fonnt huet an duerfir kann ech hir jo dann och speziell Merci soe fir hire gudden mëndlechen a schréftleche Rapport.

Madame Presidentin, am Kader vun der Santé publique hält d'Schoulmedezin eng besonnesch Plaz an, well et hei ëm d'Gesondheet vun de jénkste Matbierger an eiser Gesellschaft geet. Wann ee méi fréi a besser gesondheetlech Problemer bei de Kanner kann diagnostizéieren, wat d'Chance méi grouss ass, dass et ee kann effikass dergéint virgoen a preventiv am Intérêt vun dem Wuelbefanne vun de Kanner kann agéieren.

D'Gesondheet ass och en Domän, dee wéi d'Gesellschaft an Evolutioun ass. Nei Krankheitsbiller sinn zum Deel entstan, zum Beispill d'Obésitéit am jonken Alter, mä och d'Medezin- an d'Diagnostiktechniken hu sech weiterentwéckelt. An dat muss d'Schoulmedezin a Betruecht zéien.

A senger Interpellatioun den 11. November 2008 hat den deemolgen DP-Deputéierten Alexandre Krieps op d'Wichtigkeet vun der Schoulmedezin an hire Reform higewisen an och zugläich eng Rei vu Pisten opgezechent, wéi een déi bestehend Defiziter an der Schoulmedezin kéint behiewen an d'Qualitéit vun dësem Service kéint verbesseren. Elo knapp anherhalleft Joer duerno wäert d'Chamber, oder wäerte mer elo an e puer Minutten, iwwer eng Reform vun der Schoulmedezin ofstëmmen, déi sech zum Deel un dëser Interpellatioun vum Alexandre Krieps inspiréiert.

Ech wëlt direkt virwech soen, dass d'DP dës Projet wäert stëmmen. Eng ganz Rei vu Punkten, déi an der Interpellatioun vum Dokter Krieps deemools ugefuert gi woren, sinn nämlech och am entspreche Règlement grand-ducal ëmg'esat ginn. Esou goufe beispillsweis d'Écarten tëschent deenen eenzelen Tester méi grouss gemaach. Duerfir gëtt awer och op där anerer Säit méi genau a méi intensiv kontrolléiert, also méi Qualitéit wéi Quantitéit, fir ënner anerem och déi Kanner, bei deene sech Problemer manifestéieren oder bei deenen e Risiko besteet, kënnen besser en charge ze huelen.

Et ass gutt, dass d'Schoulmedezin insgesamt méi individualiséiert a personaliséiert soll ginn. E bessere Suivi vun deem eenzelne Kand oder Jugendlechen ass an eisen Aen eng Noutwendegkeet, wann een d'Schoulmedezin effektiv als e preventiv Instrument wëllt uwenden.

Wéi wichteg d'Preventioun am Gesondheitsberäich besonnesch bei deene Jonken

ass, gesäit ee jo unhand vun Zuelen; wéi ënner anerem eng Etüd aus dem Joer 2007 weist, dass ronn 10% vun de Kanner an der Grondschoul a ronn 12% vun de Schüler am Secondaire zum Beispill ënner Obésitéit leiden, also ze déck an ze schwéier si respektiv dann och ënner all deene Konsequenzen, déi esou eppes mat sech bréngt, leiden.

Et bleiwen awer och nach Punkten, déi eiser Meenung no e bëssen onkloer sinn, respektiv wou mer eis aner Léisungen erwaart hätten. Ech wär frou, wann de Minister a senger Interventioun op deen een oder deen anere vun deene Punkten, déi ech hei nach wäert kuerz zitieren, kann agoen.

De Minister ass eng Sekonn erausgaangen, mä ech huelen un, dass en dat awer op eng Aart a Weis matkritt, dass e kann do-robber dann herno äntwerten.

(*Interruption*)

Eng éischt Fro ass déi: Firwat gëtt am Secondaire en Ënnerscheed gemaach zwëschen deene verschidde Régime-d'enseignement? Eng Tatsaach, déi och dem Statsrot a sengem Avis ze denke ginn huet, ëmsou méi well iwwerhaupt keng Justificatioun hei ugefuert gëtt. Et huet een e bëssen d'Impressioun hei, dass do eng Ségrégiatioun kéint gemaach ginn zwëschen Schüler aus dem Classique an dem Technique. A mir géifen do eng Suggestioun maachen, fir deen Ënnerscheed opzehiewen.

Zweet Fro oder Punkt, deen ech wëll reveléieren, dat ass dee vun den Donnéeën an de Statistiken, déi ee jo wëllt maachen, fir an Zukunft dann e bessere Suivi vun deem eenzelne Schüler kënnen ze hunn an déi Donnéeën och besser ze notzen. Dat ass interessant an och gutt op där enger Säit. Et muss een awer och op där anerer Säit da sécherstellen, dass den Zougrieff op dës Donnéeë strikt den Dispositioun vum Dateschutzgesetz entspreche respektiv dass d'Donnéeë fir d'Statistiken och wierklech anonymiséiert ginn.

En drëtten Punkt, deen ech wëllt opwerfen, dat ass deen: Wéi gesäit et aus mat der Aféierung vun engem Cours d'éducation sanitaire an der Grondschoul respektiv wéi kann een am Fong geholl déi Education sanitaire abannen, déi Thematik abannen an déi verschidde Coursen an der Grondschoul?

Wéi ass et mat engem entspreche Cours an der Formatioun da vun den Enseignanten, wa se also sollen déi Gesondheitséducation oder do Kompetenze vermëttelen? Well et ass jo och esou, dass d'Enseignanten haaptsächlech déi sinn, déi all Dag am Kontakt mat hire Schüler sinn, sou dass si also nach besser wéi all schoulmedezinesch Equipe d'Schüler praktesch all Dag do suivéieren. A si kënnen jo am Fong elo och besser op déi preventiv Aspekter agoen, dat och zum Beispill a schoulesch Inhalter apaken.

E véierte Punkt, deen ech kuerz wëllt opwerfen, dat ass deen: Wéi gesäit et aus a puncto - ech géif et esou formuléieren - kultureller Kompetenz an der Schoulmedezin?

Déi Fro stellt sech jo ëmmer méi, virun allem well mer jo och ëmmer méi Kanner an eise Schoulen hu mat engem Hannergrond vun zum Beispill Kanner, déi e Migratiounshannergrond hu mat islameschem Glawen. Wéi reagiere mer op dat Phänomen, well jo do och, an där hirer Relioun zum Beispill verschidde Aspekter - ech denken do zum Beispill un d'Meedercher, wéi déi ugedoe sinn, oder vu wem se sech kënnen och diagnostizéiere loossen -, wéi mer domadder ëmginn.

E fënnefte Punkt ass deen: Wat maache mer mat engem erwuessene Schüler, deen de schoulmedezineschen Test refuséiert?

E sechste Punkt, deen ech kuerz wollt opwerfen: Wéi eng Kompetenze muss een als Schoulmedeziner a la base matbréngen? Mir begreissen et, dass eng Formation continue virgesinn ass. Mä wouranner genau soll där hiren Inhalt bestoen? A vu wem soll se ofgehalte ginn? Ass virgesinn, dass een dat kann am Kader zum Beispill vum drëtten Cycle vun der Medezin op der Uni Lëtzebuerg maachen?

Voilà, Madame Presidentin, dat ware fënnef, sechs Froen, déi ech wollt un de Mi-

nister riichten. Ech wier frou, wann en eis do kéint Opschloss ginn. Dat gesot, wëllt ech awer nach eng Kéier hei rappeléieren, dass meng Fraktioun dës Projet wäert och stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Ech soen dem Här Berger och Merci, an ech géif dann d'Wuert un den Här Huss ginn.

► **M. Jean Huss (déi gréng).** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten als gréng Fraktioun haut och elo dës virleierende Projet de loi matstëmmen, an dat obschonn en nach relativ wäit hanner eise Reformvirstellungen an och hannert den objektive Besoinë vun enger moderner Médecine scolaire zréckbleift. Ech wëllt awer uganks och der Rapportrice vun dësem Gesetz mat sengem neie Règlement grand-ducal, der Madame Claudia Dall'Agnol, Merci soe fir hire Rapport a fir hir Detailexplicatiounen dozou, déi se hei op dëser Tribün ginn huet, esou dass ech net op all déi Detailexplicatiounen nach eng Kéier hei muss zréckkommen.

Dir Dammen an Dir Hären, et handelt sech, wéi ech scho gesot hunn, bei dësem Projet leider net ëm eng wierklech gréisser Globalreform vun eiser Schoulmedezin, mä haaptsächlech, opgrond vum neie Schoulgesetz vun 2009, just ëm eng klenger, reng formal Adaptatioun an ëm en neie Règlement grand-ducal, also ëm adaptéiert Ausféierungsbestëmmungen am Hibleck vun Inhalt an Timing vu medezineschen Analyse vun eise Schoulkanner a vun eventuelle Mesuren, déi sech doraus erginn. An dësem Règlement grand-ducal ginn dann och Inhalt a Form vun engem Carnet de santé vun de Schoulkanner festgeluecht, an och de Charakter vun der Raimlechkeet an de Gebaier, wou esou medezinesch Analysen an Tester praktizéiert solle ginn.

Vun der gesondheetspolitescher Philosophie vun den Auteurs vum Projet hier gekuckt, soll et an Zukunft da virun allem drëm goen, schrittweis, an Etappen, déi traditionell Médecine scolaire ëmzewandelen an e méi globaalt Konzept vu Santé à l'école; eng sécher luewenswäert Zilsetzung, woubäi sech allerdéngs d'Fro stellt, firwat esou eng nei, wierklech Globalreform net méi schnell hätt kënnen realiséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn eis allgemeng gesinn eens, dass d'Preventioun an d'Detectioun vu Krankheeten, mä och offensiv Campagnen en faveur vun der Gesondheitsförderung net eréischt am Erwuessenenalter, mä schonns an der Kandheet während der Schoulzäit a souguer nach do virdu missten usetzen. Firwat? Ganz einfach, well renomméiert international Wëssenschaftler, Toxikologen, Neurologen, Immunologen an Ëmweltmedeziner, mä och rezent nach d'OMS selwer zu Parma am März, eis warnen, zënter e puer Joer schonn, dass d'gesondheetlech Preventioun a Gesondheitsförderung eigentlech scho während der Schwangerschaft selwer missten ufänken, well negativ Awierkungen, zum Beispill duerch Stress, Alkohol an Nikotin, mä awer och duerch Ëmweltgéifter, Schwéiermetaller, Pestiziden an esou viru schonn an den éischte Schwangerschaftswochen zu sougenannten epigenetesche Funktionsstéierungen geife féieren, mat als Konsequenz eben Entwécklungsstéierungen a Krankheeten no der Gebuert, während der Kandheet an doriwwer eraus.

(**M. Laurent Mosar reprend la présidence.**)

Eis Médecins scolaires sinn elo allerdéngs par définition net zoustänneg fir schwanger Fraen an och net fir Embryoen a Foetus, mä déi negativ Konsequenze vun esou fréie Belaaschtungen während der Schwangerschaft kënnen sech awer grad am Schoulalter manifestéieren, zum Beispill am Kontext vun Otemweeeproblemer oder Allergien, vun Haut- oder Nahrungsmittelallergien, vun Asthma an esou virun. Alles Problemer, déi europawäit an och leider hei zu Lëtzebuerg an deene vergaangenen 20 Joer permanent zougeholl hunn.

Ëmmer méi problematesch fir d'Schoul a fir d'Léieren an der Schoul sinn och nach aner negativ Konsequenzen do dovunner,

nämlech kognitiv Entwécklungsréckstänn bei ville Kanner, IQ-Abousse bei engem Deel vun de Schüler, Konzentrationsdefiziter an Hyperaktivitéit, autistesche Entwécklungsstéierungen an esou virun, vun anere schwéiere Kannerkrankheete wéi Leukämie an esou virun net emol ze schwätzen. Dës alles si relativ rezent Entwécklungen, déi eis Pédiateren, mä och d'Médecins scolaires konkret virun nei a ganz schwierig Erausforderungen stellen, deene se leider méi wéi eng Kéier net gewuess sinn, op jidde Fall net, wa se net och eng ëmweltmedezinesch Weiterbildung an deene Saachen hunn.

Mat deene classesche standardiséierte Reienanalysen, Moossungen an Tester, wéi Moosse vu Gewicht a Gréisst, Kontroll vun Aen, Oueren an Zänn, oder vun Haltungsproblemer vun de Kanner, esou nëtzlech se och kënnen sinn, ass all dësen neie Gesondheitsproblemer vun Deeler vun eise Schoulkanner jiddefalls net méi bäizekommen, esou dass sech wierklech d'Fro vun deelweis aneren diagnosteschen Inhalter a Methode bei der Kontroll an Iwwerwachung vun der Gesondheet vun eise Schoulkanner stellt.

Wann duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, laut Rapport vun der Kommissioun elo d'Médecine scolaire schrittweis an eng wierklech Santé à l'école soll transforméiert ginn, wat begrëssenswäert ass, a wann dann am Kontext vun der Förderung vu Preventiounsmesuren, vu gesonder Ernährung, vu genügend kierperlecher Bewegung a vun Opklärung iwwer Risike vun Drogen a Genossmëttel geschwat gëtt, da sinn dat natierlech ganz kloer richteg Deelschritt an eng richteg Richtung. Mä da mussen awer, vill méi staark wéi bis elo jiddefalls, endlech och konkret Iddien a Projet-d'école entwéckelt ginn, wéi dann déi Ziler - méi kierperlech Bewegung oder méi gesond Ernährung a Schoulkantinen oder an der Famill doheim - sollen erreecht ginn. Eenzel Gemengen hei am Land hunn an deem Kontext jo éischt Pionéierarbecht gelescht, mä insgesamt muss et do nach zu enger vill méi starker Vernetzung a Koordinatioun tëschent Éducatiouns- a Santéministère an de Gemengen am Syvicol kommen.

Esou Projekte vu gesonder Schoule goufen zum Beispill och presentéiert am März dës Joer zu Parma, während der OMS-Konferenz, vun europäeschen Ëmwelt- a Gesondheitsministeren a vu groussen ONGen zum Thema Ëmwelt a Gesondheet, wou eng ganz Partie vu Länner - Éisträich, Frankräich, Italien, Dänemark an esou virun - hir Schoulprojeten, gesond Schoul am Kontext Ëmwelt, Ökologie, Ernährung a Gesondheet virgestallt hunn. Et fënnt also insgesamt op europäeschem Niveau e gewëssent Ëmdenke statt, ewech vun enger klassischer Médecine scolaire a Richtung vun engem méi globale Konzept vu Santé à l'école, an dat ass ganz kloer déi Richtung, an déi mer och hei am Land schnellstens musse versichen hinzekommen.

Ech wëllt awer an dësem Kontext nach op zwee aner wichteg Elementer agoen, déi am Kontext vun enger méi globaler Reform iwwert dee bestehenden, elo neie Règlement grand-ducal eraus ëmmer méi onverzichtbar ginn. Dat éischt ass déi baubiologesch a gesondheetlech Qualitéit vun eise Schoule selwer. Wéi oft an deene vergaangenen 20 Joer ass et och hei am Land virkomm, dass Schoulgebaier, Crèchen, Structure-d'accueil non Neibau oder no Renovéierung belascht ware mat alle méigleche gesondheetsschiedleche chemesche Produkter: Chemikalien oder Schimmelpilzbelaschtungen, déi kloer responsabel si fir Otemweeerkrankungen, Asthma, Allergien oder Konzentrationsstéierungen? Op esou „Indoor-pollution“-Problemer, déi och bei der OMS an an eisen europäeschen Nopeschlänner ëmmer méi seriö geholl ginn, hat ech schonns virun zwee, dräi Joer während enger Interpellatioun hei am Sall opmierksam gemaach.

Mir bräichten doriwwer, iwwert déi baubiologesch Qualitéit vun eise Schoulen,





Structure-d'accueil en Crèche, awer nach méi e globalen Iwwerbléck, a virun allem och brächte mer eng verstärkte Kollaboratioun tëscht Stat a Gemengen, tëscht Éducatiouns-, Gesondheets- a Bauteministère, zesumme mat Architekten an Handwierker, fir an Zukunft endlech dëse Problem vu gesondheetleche Belaschtungen a Schoulen oder Structure-d'accueil definitiv an de Grëff ze kréien. E gesond an e produktiv Léiere kann nun eemol net a belastschen a kranke Schoulgebaier funktionéieren!

Dat zweet Element, wat evidentierweis och am Kontext vun enger globaler Reform vun der Médecine scolaire hin zu enger Santé à l'école misst nach vill méi staark an Ugrëff geholl ginn, dat ass eng nach vill méi breet an nei strukturéiert multi- oder interdisziplinär Approche. Dokter, Enseignants, Psychologen, Éducateurs, Assistant-socialë mussen nach vill méi staark wéi bis elo zesummeschaffen, fir och emotional, sozial a psychosozial Déterminantë vu Problemer a Krankheete vum Deeler vun eise Schoulkanner méi offensiv a méi effikass kënnen unzegoen.

Mir wëssen alleguerten, datt och de perséinleche Familljenhannergrond, de Milieu familial oft ganz défavorabel ka si fir d'Gesondheet vun eise Schoulkanner, an dat gëllt net nëmme fir sozial a soziokulturell benodelegt Milieuen, mä munchmol och fir sougenannte besser Familljen, wann zum Beispill de Mariage a Schierbele läit, oder wann d'Kanner sech emotional selwer iwwerlooss bleiwen.

A fir dës Problemer kënnen besser unzegoen, brauche mer eben, wéi gesot, nei Strukturen an eng vill méi effikass a multi- oder pluridisziplinär Approche. Et ass dofir evident, datt nëmme eng Gesamtapproche, déi all dës baubiologeschen, ëmweltmedezineschen, sozialen a psychosozialen Elementer Rechnung dréit, zum Succès vun enger wirklecher Reform vun der Médecine scolaire wäert kënnen féieren. Esou eng méi global Reform ass längst iwwerfällg a mir sinn als Gréng dofir och e wéineg enttäuscht, datt mer mat dësem Projet haut hei elo leider nach net esou wäit kommen.

Mir fuerderen lech, Här Gesondheitsminister, dofir also och op, fir zesumme mat Ären zoustänneg Ministeschkollegen, zesumme mat de Gemengen a mat interessierten ONGen oder Elterevereenunge schnellstméiglech ee wirklech globale Projet mat den noutwendegen Strukturen a Finanzmëttelen auszeschaffen, fir datt am Intérêt vun der gesondheetlecher Preventioun an der Gesondheitsförderung vun eise Schoulkanner dann och endlech Neel mat Käpp gemaach ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Huss Merci. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, fir d'éischt e Merci un d'Rapporteur, d'Madame Claudia Dall'Agnol, fir de mëndlechen a schrëftleche Bericht. E war ganz ausféierlech.

D'Médecine scolaire ass am Prinzip geduecht, fir eng preventiv Roll ze spillen an eventuell Dysfonctionnement bei der Gesondheet vun de Kanner ze entdecken. Si ass d'Continuatioun vun der Médecine postnatale: Et ass also eng ganz gutt Saach.

D'Schoulkanner ginn ëmmer méi fréi a Strukture placéiert: a Crèche, Maisons relais, de Précoce, esou datt de Stat a priori déi ganz Éducation organiséiert. De facto ass de Stat och fir d'Gesondheet vun de Kanner zoustänneg an hien iwwerhëlt ëmmer méi déi Responsabilitéit, déi fréier am Beräich vun den Eltere war. Duerch dës Paradigmewissel huet de Stat eng eminent Roll an der Erziéung an an der Gesondheet ze spillen. Ob dat elo gutt ass, dat steet op engem anere Blat!

Et ass also um Stat, fir dofir ze suergen, datt alles optimal leeft. Wa mir Problemer hu mat de Kanner, déi ze vill Gewiicht hunn, da muss de Stat dofir suergen, fir datt erëm alles normal gëtt. Fréier gouf gesot, d'Eltere wieren dofir zoustänneg, well d'lessen net équilibréiert war oder well d'Kanner keng Vitamine kruten, an esou virun. Elo haut, duerch d'Crèche, duerch d'Maison-relais, duerch d'Restauratioun ass de Stat dofir zoustänneg, datt et de Kanner gutt geet an datt se net déséquilibréiert ginn. Well wa spéider no 30, 40 Joer déi Kanner Iwwergewicht hunn, héije Bluttdrock hunn, Stoffwiesselstörungen hunn oder Häerzinfarkter kréien, well se Iwwergewicht hunn, da kann ee soen, de Stat huet seng Missioun verfeelt.

Wann d'Kanner op inadéquate Bänke setzen, dann ass de Stat dofir responsabel. Wann d'Kanner Scoliosen oder Cyphosé kréien, wann d'Kanner Léierschwieregkeeten hunn, Dyslexien hunn, authisteschen sinn, dann ass de Stat dofir responsabel, wann hien ze spët dës Krankheetssymptomer entdeckt. Wann d'Kanner Drogen- an Alkoholproblemer hunn, dann ass de Stat dofir responsabel, well hien dat net zur géeeigenter Zäit gesinn huet.

(**Interruption**)

Wann d'Kanner fréi ufänke mat Fëmmen, dann ass dat dem Stat seng Schuld, Här Schaaf, wann d'Schoulmedezin dat net entdeckt huet. Also hei si mer an enger ganz delikater Situatioun.

(**Interruption**)

Émsou méi muss de Stat dofir suergen, datt d'Schoulmedezin optimal funktionéiert an net als Alibi - als Gewëssensberouegung - einfach an engem Gesetzestext dat mentionnéiert gëtt. Wa mir elo d'Gesetz vum 2. Dezember 1987 analyséieren, da steet am Artikel 10 ënner anerem geschriwwen, datt de Médecin chef de division vun der Schoulmedezin Recommendationen iwwert de Menu, deen an de Schoulen zerwéiert gëtt, muss erausginn. D'Froen, déi ee sech hei stelle muss: Ass d'lessen an de Schoulen esou konzipéiert, datt eng vital, biologesch Ernährung garantéiert ass? Gëtt hei net versicht, fir ze spueren? Haaptsaach, de Mo ass voll!

(**Interruption**)

Des Weidere sollten d'Dokteren, déi d'Kanner examinéieren, eng Formation continue kréien. Ass dat effektiv de Fall? D'Généralistë missten hei eng Formation continue kréien, awer si kréie keng. D'Äntwert ass kloer: Si hu keng Formation continue.

A wéi ass et mat der Zäit? Wéi ass et mat der Zäit, Här Minister? Här Minister, net eleng an der Schoul, och um normale Wee, ech mengen, eng Diagnos kann nëmme gestallt ginn, wann en Dokter genuch Zäit huet. Hautdësdays ass de Problem, den Dokter huet keng Zäit. Hien huet nëmme zéng Minutten fir e Patient zegutt. Firwat? Well eng ganz laang Schlaang vu Leit do waarden. Wat geschitt dann? Den Dokter muss onbedéngt op aner Tester zréckgräifen, op paraklinesch Tester, wéi zum Beispill Ultraschall, e Scanner, IRM, Röntgen, Blutanalysen, an déi maachen d'Diagnos fir hie selwer.

Fréier war gesot ginn - op jidde Fall si mer dat geléiert ginn an der Uni -, den Dokter misst eng Inspektioun maachen, eng Auskultatioun, eng Palpation, eng Perkussion, an dat alles no enger Anamnèse. Dat kascht ongeféier 30 bis 40 Minutten.

Här Minister, ech garantéieren lech, wann ech dat bei engem Patient erreicht kréien, datt ech 30 bis 40 Minute mat deem schwätzen, deen ënnersichen, dann hunn ech an 90% vun de Fäll eng Diagnos, an da brauch ech nëmme eng Analys ze maachen, fir meng Diagnos ze ënnermaueren.

Dat ass fir de Moment net de Fall. Also muss mer onbedéngt op paraklinesch Diagnosen ausschwaifen, an dat kascht dann d'Gesondheetskeess ganz vill Geld. En plus gëtt dee Patient da véier-, fënnemol convoquéiert, fir him ze soen: „Hei an dëser Röntgen hues de och näischt an an där drëtter hues de vläicht eppes.“ An dat ass alles Zäit verluer. Dat ass alles d'Gesondheetskeess fir näischt belastschen. D'Leit kréien Angscht, well se mengen, si hätten eppes, well se esou vill Analyse maachen.

An dat ass de ganze Problem vun der Medezin. De Problem vun der Medezin ass: Hautdësdays huet den Dokter guer keng Zäit méi, fir seng Patienten normal ze ënnersichen. Wann en déi Zäit hätt - an dat gëllt elo och fir d'Schoulmedezin - wann en déi Zäit hätt, géife mer ganz vill Problemer à la source léisen.

Des Weidere soll dofir gesuergt ginn, datt d'Still vun de Kanner de Kanner sollen ugepasst ginn, datt d'Bänken de Besoinë vun de Kanner entspreche sollen. Ass dat de Fall? Neen, eendäiteg: Dat ass net de Fall. Also hu mir an der Schoul nach ganz vill Problemer ze léisen. Dofir brauche mir Leit, déi dat ëmsetze kënnen.

Mir hunn awer ganz wéineg Personal, dat fir d'Kanner zoustänneg ass. Wat kann ee Chef médecin de service maachen, wann en honnertausend Schüler muss betreien? Guer näischt! Also muss an d'Personal investéiert ginn. Et muss ganz vill Zäit geaffert ginn. Déi ganz Schoulmedezin wäert soss zum Scheitern verdammt ginn. Wëlle mir dat? D'Äntwert ass eendäiteg: neen.

Här Minister, suergt wann ech gelift dofir, datt méi Personal agestallt gëtt, well esou kréie mer méi Zäit fir eis Kanner an am groussen Ganze fir d'Patienten. Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Partei. Mir wäerten dat heie Gesetz matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, ech menge wirklech, et wier esou gutt wéi alles gesot.

► **Une voix.**- Oh jo!

(**Hilarité**)

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Wa mer - also just zwou Remarquë mat enger Fro derbäi - wa mer net wëllen, dass d'Schoulmedezin eng Ënnersichung um Fléissband ass - wéi et awer hautdësdays nach ëmmer zu engem ganz groussen Deel de Fall ass - wa mer wëllen, dass net nëmme en Diagnostic, mä och e Suivi soll geschéien, dann ass also onbedéngt noutwendeg eng Zesummenaarbecht tëscht deene verschiddenen Acteuren. Dat heescht also tëscht deenen, déi responsabel si fir d'Schoulmedezin - an dat sollen der effektiv méi sinn, wéi den Här Colombero sot, a vläicht och besser forméiert fir déi do speziell Aufgab -, an deenen aneren Acteuren, also de Responsabelen an der Schoul, Schouldirektioun, Schoulkommissionen, Enseignanten, Eltere selbstverständlech.

An da just eng Fro, eng delikat Fro: nämlech déi vum Secret professionnel. Well mer op där enger Säit jo dem Dokter säi Berufsgeheimnis wëlle protégéieren an och d'Privatsphär vun de Kanner respektiv de Familljen, an op där anerer Säit ee sech awer freet: Wéi kann een dann net nëmme en Diagnostic, mä och e Suivi organiséieren an deene verschiddene Beräicher, déi hei opgezielt gi sinn, wann een net eng gewësse Vermëttlung vun Informatiounen assuréiert?

Dat ass eng delikat Fro, op déi et mat Sécherheet keng einfach Äntwert gëtt, mä mat där ee sech awer muss auseruesetzen; iwwregens am Moment och schonn: An de Schoule besteet am Zesummenhang mat de SPOSen oft de Problem vun dem Psycholog oder der Psychologin am SPOS an hirem Secret professionnel par rapport zu deenen Enseignanten, wou et awer vläicht nützlich wier, dass déi emol eng Käier méi Bescheid wësst iwwert dat, wat mat Kanner oder Famillje problematesch ass.

Als zweet Remarque schléissen ech mech all deenen un, déi hei gesot hunn, mir brächten eng Gesamtreform, eng global Reform vun der Schoulmedezin, an d'Hoffnung därerf ech ausdrécken, dass dat net ze laang dauert.

Et ass an der Kommissioun ugeschwat ginn, hunn ech am Rapport gelies, eventuell och d'Fro vun enger Integratioun vun der Schoulmedezin an de Schoulen; also quasi Schouldokter. Do wëll ech just awer derbäi soen, dass dat de Problem eleng mat Sécherheet net léist, well awer nach

ëmmer de Problem bleift. Dee Schouldokter selwer eleng, dee meeschtert och d'Problemer net alleguerten.

Dat heescht, et sinn awer Interventiounen vu baussen - net nëmme vun der Schoul bannen, mä vu baussen - noutwendeg, wou also de Problem sech awer nach ëmmer stellt vun der Koordinatioun zwëschen där professioneller Schoulmedezin an der Schoul an deenen Acteuren vu baussen, déi awer mussen erbäigzu ginn.

Ech stëmmen dee Projet de loi selbstverständlich.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. An elo kritt nach den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert versiche mech kuerz zefaassen, wat mer ëmsou méi einfach fält,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- ...well déi Interventiounen, déi zu dësem Projet gemaach gi sinn, vu mir honnertprozenteg oder quasi honnertprozenteg gedroe kënnen ginn, well se vun enger grousser Kompetenz a Kenntniss vum Terrain gepräeg sinn.

Dir wësst, dass d'Schoulmedezin de Relais hält vun enger hei zu Lëtzebuerg ganz gutt organisierter Prise en charge vun der petite enfance, vun der Surveillance vun de Kanner während zwee Joer no der Geburt, déi zu deene beschten iwwerhaapt gehéiert. Sécher net onschëlleg dorun: déi Fördermoossnamen, déi dermat verbonne sinn.

Zu deem Positive gehéiert d'Tatsaach, datt - aneschtens wéi an anere Länner, wou d'Surveillance vun de Kanner am Schoulalter an deen normale Gesondheetssystem integréiert ass a wou d'Couverture bei 60% insgesamt läit, 40% souguer nëmme bei deenen défavoriséierte Kanner - an eiser Schoulmedezin während dem Primärschoulalter oder Grondschoulalter 90% vun de Kanner erfaasst ginn, an an de Lycées, am Postprimär, 95% vun de Kanner erfaasst ginn. All aner Systemer géifen dat doten net garantéieren.

Dat gesot, ass eise System awer sécher perfektibel, well am Beräich vun der Schoulmedezin oder der medezinescher oder Gesondheitsbetreieung vun de Kanner mer an deene leschten 20 Joer ganz grouss Evolutiounen matgemaach hunn. Eist Gesetz ass vu '87. Dat ass bal e Véirelsjorhonnert, wou hannerun eis läit. An ech mengen, där Evolutioun wëlle mer Rechnung droen.

Nun ass et esou, dass dee Projet, mat deem mer haut befaasst sinn, eigentlech nëmme d'Instrument ass, fir an der Praxis méi eng déif gräifend Reform kënnen ze maachen op eng pragmatesch Aart a Weis. Dat Instrument huet eis opgrond vum Avis vum Conseil d'État zu eise Règlement grand-ducal gefeelt, well déi doten Inhalter iwwer Gesetz ze regele sinn. An ech sinn dem Conseil d'État dofir och dankbar, dass en direkt d'Aarbecht ganz gemaach huet, an eigentlech de Projet de loi, dee mer gebraucht hunn, matformuléiert huet, sou dass mer direkt an d'legislativ Prozedur konnten eragoen an dee Projet an enger Rekordzäit konnte verofscheeden.

Dir gesitt um Projet, et ass e ganz kuerzen. Mä en erlaabt eis elo, dat Règlement, dat mer iwwer länger Zäit mam Terrain préparéiert hunn, progressiv an d'Praxis ëmzesetzen. Dofir soll een och net déi Reform klengrieden. Sécher, et hätt een nach méi wäit kënnen goen doduerch, dass een d'Gesetz an allen Detailler op de Leescht geholl hätt. Mä dat hei ass d'Kärstéck vun deem Projet. Et sinn d'Exekutivsreglementer.

An och iwwert deen dote Wee kënnen mer scho ganz vill maachen, ewech vun där traditioneller Médecine scolaire a Richtung Santé scolaire, wat vill méi breet, vill méi global orientéiert ass. An déi Iwwerleeungen, déi vun deene verschiddene Riedner hei gemaach gi si vun alle Bänken, déi ginn an déi dote Richtung eran. A mir wäerte probéieren, mam Terrain esou wäit wéi méiglech un déi doten Zilsetzungen erunzekommen.



Mir hu ganz vill Viraarbechte gemaach, fir dass net elo nodeem de Reglement verabscheet ass, erëm eng Kéier laang Zäit vergeet, fir dat ze implementéieren. Um Terrain ass an der Zwëschenzäit immens vill geschitt, well déi Professionell ganz vill mateneen diskutéiert hu ronderëm een Dësch. Et ass eng Plattform, déi mer iwwer Joren elo bedreiwen. An do huet jiddweree vill vun deem anere geléiert. An dat huet och an der Praxis munches beweegt.

Mir wäerte sécher nach laang Diskussiounen mussen féiere mat eenzelnen Acteuren, an e puer zentral Theme sinn hei beréiert: dee vun der Zäit, dee vun der Rémunératioun, dee vun der Fortbildung vun den Équiper, awer och vun de Medeziner. Richteg ass, dass eng Schoulmedezin wéi all Medezin, eng Santé scolaire, wéi jiddwereen an deem dote Beräich, méi Zäit brauch, fir méi cibléiert kënne virzegoen.

Et notzt net vill, dass een dauernd gesond Kanner duerch de System schleist an hinnen déiselwecht Betreierung gëtt wéi aneren, déi et vill méi noutwendeg hätten. Dofir ass et gutt, dass een déi Reienuntersuchung zum Deel nach huet, mä dass een doniewent vill méi cibléiert Démarchen huet, fir benodeelegt Kanner besser kënnen ze betreien.

Dofir, wa mer dat Reglement hei a Kraaft gesat hunn, wäerte mer déi Examen, déi Ennersichungen zu Schlësselzäiten am Liewe vum Kand standardiséieren. Mir wäerte se definéieren. Mir wäerten zesumme mam Terrain méi staark präziséieren, wéi déi Examen, déi Ennersichungen sollen ausgesinn, wéi d'Outilen dozou sinn, wéi et mat der Notificatioun vun den Observatiounen ass.

Sécher, déi Fro vum Secret professionnel ass eng ganz wichteg, mä duerch d'multidisziplinär Zesummesetzung vun den Équiper, Leit, déi de Relais an d'Familljen eran hunn, kënne mer ganz vill op eng pragmatesch Aart a Weis maachen, ouni de Risiko elo ze vill ze provoziéieren, fir do eppes ze étaléieren, wat net däréi étaléiert ginn.

Selbstverständlech ass et och wichteg, dass mer eis d'Instrumenter ginn, fir dat auszewäerten, wat mer vu wichtige Donnéeën um Terrain kréien. Ech ka mech erënneren, wéi ech viru sechs Joer an dee Ministère erakomm sinn a gefrot hunn:

„Wat geschitt da mat de Statistiken?“ - dunn hunn ech geäntwert kritt: „Jo, mir hunn eng Broschür gemaach mat der Auswärtung vun deene Statistiken.“

Déi Statistike sinn net do, fir eng Broschür ze maachen. Déi Statistike sinn do, fir ze kucken, wat eis Politiken um Terrain kënne vu Fortschreitter bewegen a wat vu prioritäre Problemer sech um Terrain entwéckelen, fir da cibléiert dorop kënnen anzewierken. Deen doten Dynamismus vun der Auswärtung vun eise Statistiken hate mer net, hu mer och elo nach nëmmen zum Deel. A mer mussen eis déi Instrumenter ginn, fir wierklech en Observatoire vun der Santé scolaire kënnen opzebauen. Jo, dat brauch Mëttele. Mä wa mer d'Mëttele wierklech gutt wëllen investéieren, da si se an deem dote Beräich ze investéieren.

D'Fro vun der Formation respektiv der Formation continue vun de Medeziner an de mulitidisziplinären Équiper hunn ech ugeschwat. Ech mengen, dass mer sécher gutt an engagéiert Leit op deem Terrain hunn. Mä Schoulmedeziner gëtt een net einfach esou. Och wann ee sech dora wëllt engagéieren, mengen ech, muss ee sech kënnen an e Konzept mat integréieren a muss een dat op sech kënnen huelen, dass een eng Formation an eng weider Formation mécht.

Ech wëll lech soen, dass mer sécher och mussen mat den Dokterer iwwer en anere Modèle vun der Rémunératioun schwätzen. Am Moment gëtt dat à l'acte gemaach. Mir mengen, dass eng Forfaitiséierung noutwendeg ass an och méiglech ass, a virun allem och am Sënn vun deem Service, dee mer ubidden.

Ech hu vun der multidisziplinärer Approche geschwat. Dat gëllt fir d'Équiper, mä dat gëllt awer och fir d'Acteuren, déi soss nach implizéiert sinn: déi verschidde Ministère, déi geléiert hunn an deene leschte Joren, méi enk zesummenzeschaffen, sech Plattformen ginn hunn - „Gesond iessen, méi bewegen“, de Réseau „Écoles sans tabac“ an „Écoles sans alcool“, muer - déi Projets d'écoles entwéckelen, an déi wierklech och ganz flott Saachen opzeweisen hunn.

Et ass virdru vu Beispiller aus dem Ausland geschwat ginn, a vun der Konferenz vu Parma, wou Schoule mat esou Konzepter

gewise gi sinn. Mir kënnen dat och hei zu Lëtzebuerg weisen. Do sinn eng ganz Rei vu Schoulen, déi exzellent - exzellent! - Initiativen huelen. Et sinn eng Rei Gemengen, déi exzellent Initiativen, ofgeschwat a begleet vun eis, kënne maachen.

Jo, ech sinn der Meenung, dass no deem Reglement hei eng Rei vun anere Reglementatiounen respektiv vun aneren Elementer mussen gekläert ginn, zesumme mat engem Syvicol, zesumme mat de Gemengen, wat d'Équipementen vun de Raimlechkeeten ugeet. Ech ka mech erënneren, a Raimlechkeeten eragekuckt ze hunn, déi enger schoulmedizinescher Ennersichung onwierdeg sinn. Ech mengen, gradesou wéi een a senge Bauivwerleunge fir eng Schoul muss déi baubiologesch Elementer mat abannen, muss een och kënne soen, dass en anstänneg ausstafféierte Raum fir d'Santé scolaire kee Luxus ass. Dat geet och net esou staark an d'Geld eran.

Ech wëll zum Schluss nach eng Kéier soen, dass mer hei eng pragmatesch Approche haten. Wa mer d'Gesetz vu vir bis hannen op de Leescht geholl hätten, dann hätte mer nach méi Zäit gebraucht. Mir wollten de Leit um Terrain, déi ongedëlleg gi sinn, well se drop gewaart hunn, fir kënnen aktiv ze ginn, en Instrument an de Grapp ginn, an an enger zweeter Phas wäerte mer d'Gesetz iwwert d'Schoulmedizin den heitegen Zäiten adaptéieren. Mä dat fält eis dann ëmsou méi liicht, wann d'Evolutioun um Terrain eigentlech dat anticipéiert, wat a Gesetzestexter soll erafléissen. Dat ass da vill méi einfach, fir Gesetzestexter ze redigéieren.

Voilà, dat gesot, soen ech der Chamber villmools Merci, dass se eis d'Instrument elo ginn huet, fir praktesch Verbesserungen an der Schoulmedizin ze realiséieren. Dat geet ganz zügeg.

Villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Gesondheitsminister. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Norbert Hauptert), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Paul Schaaf), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel (par M. Jean-Louis Schiltz), Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par Mme Anne Brasseur), Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss et Henri Kox (par M. Jean Huss);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt den Donneschdeg um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 19.13 heures)**



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**

- L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.